11-15, rue C.M. Spoo
L-3876 SCHIFFLANGE
☎ 26540492
beimkiosk@clubhaus.lu
beimkioskscheffleng



# Informatiounsblat fir de Februar 2022

Et sinn nach Platze frei:

**Sport, Beweegung a Wuelbefannen:**

23.02. Darts Treff
25.02. Trëppeltour zu Monnerech

**Konferenzen a Couren:**

11.02. Konferenz iwwert Diabetes
22.02. Word Couren um PC
23.02. Kach Atelier Pâté
24.02. Konferenz iwwert Patiente Rechter
25.02. Word Couren um PC

**Visiten:**

10.02. Schefflenger Konschthaus Ausstellung vum « Peggy Dihé »

**Loscht aus dem Alldag erauszekommen ?**

Hei ass d' Méiglechkeet 😊

Mir hunn nach Platze fräi op folgende Reesen:

**BRUGES (03.04.-06.04)**
1 Eenzelzëmmer
2 Duebel Zëmmer

**SCHWARZWALD (02.11-05.11)**
1 Eenzelzëmmer
4 Duebel Zëmmer

## Oppassen

Bedéngt duerch déi aktuell sanitär Situatioun mat dem COVID, ass **de ganzen Februar**, Dënschdes **KENG** Kaffisstuff.

**Club Haus beim Kiosk** feiert dëst Joer säin 20- jäeregen Jubiläum.
A wann een 20 Joer seet, dann heescht dat 20 verschidden a méi speziell Aktivitéiten déi mär Iech proposéieren.

Lass geet et am Februar.

Den **11.02.22** um 10:00 Auer kënnt Där un engem Bak Atelier deelhuelen fir de Präis vun 5€ (mat der Club Kaart) oder fir 8€ (ouni Club Kaart). Mëllt Iech sou schnell wéi méiglech un.







**Ab dem 1. Februar** kënnt Där Iech och ee schéint Vältesdag Séissegkeete- Glas bei eis reservéieren fir 8€. Gefëllt sinn déi selwer kreéiert Glieser mat Hambier Kamellen. De Verkaf geet den 7. Februar lass - natierlech bei eis am Club.

Dann wëlle mär Iech nach drun erënneren, dass eis **Club Kaart** fir 2022 prett ass a just nach drop waart vun iech kaaft ze ginn, falls der se nach net sollt hunn.
Dir kritt se zum Präis vun 18 Euro bei eis am Club oder mär verschécken iech se och Heem mat der Post nodeems Där déi 18 Euro iwwerwisen hutt op den Konto bei der BIL:
IBAN LU780021167189465500

Dëst Joer ganz nei, well mär jo eisen 20ten Gebuertsdag feieren: Am Dezember gëtt eng **grouss Tombola** gemeet, wou jiddereen mat enger Club Kaart automatesch drun Deel hellt. Et waarden ganz flott an exzeptionell Präisser op Gewënner!